PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/08/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

Den 10te Juni 2020 huet *McKinsey* zesumme mat *Google* een Diskussiounspabéier publizéiert mam Titel "The future of work in Europe", deen op Basis vun den NUTS-3 Regiounen den Aarbechtsmaart analyséiert. Lëtzebuerg gouf am Kader vun dësem Rapport als en "Superstar Hub" klassifizéiert a kéint vun engem Wuesstemspotential vun 13,7% neien Aarbechtsplazen tëscht 2018 an 2030 ausgoen.

Am Gesetzesprojet n° 6387 hat d'Regierung deemools virausgesot, datt, fir eise Pensiounssystem ze stabiliséieren, den Emploi all Joer ëm 1,5% misst klammen. De Rapport vu *McKinsey* geet elo awer just vun 1,14% pro Joer aus an dat ouni den Impakt vun der Corona-Kris ze bezifferen. Trotzdeem soen seng Auteuren, datt op den Horizont 2030 d'Projektiounen trotz der Kris misste stëmmen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi een Impakt op de Pensiounssystem hätt eng Croissance Moyenne vun 1,14% amplaz 1,5% wärend deenen nächsten zéng Joer?

2. Am Rapport vum *Groupe de Travail Pensions* vum 16te Mee 2018 gouf geschriwwen, datt, fir en Equiliber vun der Pensiounskeess ze erreechen, den Emploi bis 2046 tëscht 2,28% an 2,64% pro Joer misst wuessen. Wat sinn d'Pläng vum Minister, fir och den zukünftege Generatiounen eng Pensioun ze garantéieren, wëssend, datt d'Projektioune vu McKinsey drop hiweisen, datt de Wuesstem vum Emploi bis 2030 net de Seuil vun 2,28% erreeche wäert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député